

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 10. Dezember 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister weiderzeleeden.

Den 9. Oktober huet de Staatsminister am Sennenger Schlass eng Broschür iwwert den zweete Weltkrich zu Lëtzebuerg presentéiert. An dëser Broschür vun 30 Säite gëtt eis deemoleg Groussherzogin zweemol erwäant, an zwar op der Säit aacht iwwert d'Verloosse vum Land 1940 an an der Zesummefaassung op der leschter Säit iwwert d'Zeréckkommen am Abrëll 1945. Den Numm "Charlotte" gëtt net eng eenzeg Kéier erwäant! D'Nimm vum Prënz Jang a vum Prënz Felix, déi den 10. September 1944 zesumme mat den Amerikaner d'Stad befreit hunn, ginn net eng eenzeg Kéier an där ganzer Broschür erwäant!

Au vu


- vun der historescher patriotescher Leeschtung vun eiser groussherzoglecher Famill am zweete Weltkrich, déi sech duerch den onermiddlechen Asaz bei auslänneschen Autoritéiten am Exil fir eist Land gewisen huet,

- vun de ville reegelméisseg Radioemissioune vun der BBC, wou d'Groussherzogin Charlotte de Lëtzebuenger Mutt zougeschwat huet (Film: A Royal at War (Léif Lëtzebuenger),

- vun der Befreiung, wou de Prënz Felix an de Prënz Jean mat den Amerikaner d'Stad befreit hunn:

1. Wier et net historesch wichteg gewiescht, der Groussherzogin Charlotte, hirer Famill an hire Leeschtunge fir eist Land eng Plaz an där Broschür ze ginn?
2. Ass de Staatsminister net der Meenung, datt déi uewe beschriwwen Ëmstänn e Manktem u Consideratioun géigeniwwer eiser groussherzoglecher Famill ass an doriwwer eraus och e Manktem un historescher Wourecht?
3. Ass eventuell geplangt, eng iwwerschaffte Broschür ze publizéieren?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten